LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Gemeinsam Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, an der Madame Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, Yuriko Backes, op d'parlamentaresch Fro n°2732 vum 5. August 2025 vum honorabelen Députéierte Jeff Engelen zum Sujet "Bilan des accidents et sanctions liés à l'alcool au volant depuis la baisse du taux à 0,5"**

Den honorabelen Deputéierte renseignéiert sech iwwert den Zesummenhang vum Alkohol um Steier an der Verkéierssécherheet.

1. **Kann d'Madamm Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert wéi vill Protokoller jeeweils vun 2007 bis 2024 fir iwwerméissegen Alkohol um Steier geschriwwe goufen, wéi vill Punkten um Fürerschäin duerfir ofgezu goufen, wéi vill Fürerschäiner ganz abehale goufen, wéi vill Geriichtsurteeler geschwat goufen a preziséieren, ob et sech jeeweils ëm en Delikt vun 0,5 – 0,8 Promill oder en Delikt vun 0,8 Promill an doriwwer gehandelt huet?**

Déi vum honorabelen Deputéierte gefroten Zuele stelle sech wéi follegt duer:

| Period | Alkoholsgehalt (2 Punkten) | Geriichtsurteeler | Entzunnene Punkten |
|---|---|---|---|
| 2007–2024 | 0,5‰ – 0,8‰ | 4.356 | 8.736 |

| Period | Alkoholsgehalt (4 Punkten) | Geriichtsurteeler | Entzunnene Punkten |
|---|---|---|---|
| 2015–2024* | 0.8‰ – 1.2 ‰ | 3.594 | 14.400 |

* Dës Kategorie gëtt et eréischt säit der Ännerung vum Code de la Route am Joer 2015.

| Period | Alkoholsgehalt (6 Punkten) | Geriichtsurteeler | Entzunnene Punkten |
|---|---|---|---|
| 2007–2024 | +1.2‰ | 27.412 | 135.380 |

D'Analys vun de Geriichtsurteeler tëscht 2007 a 2024 weist, dass Alkoholverstéiss am Stroosseverkéier zu Lëtzebuerg nach ëmmer e Problem duerstellen. Besonnesch d'Zuel vu Fäll mat engem Alkoholgehalt iwwer 1,2‰ ass alarmant héich. Dës maachen net nëmmen de gréissten Deel vun den Urteeler aus, mee féieren och zu de meeschte Punktverloschter um Führerschäin.

D'Tabell vun der Kategorie 0,5‰ – 0,8‰ weist awer, dass och méi niddreg Alkoholverstéiss reegelméisseg virkommen. Déi mëttelst Kategorie (0,8‰ – 1,2‰), déi eréischt zënter 2015 an der Statistik gefouert gëtt, weist, dass och dës Verstéiss oft am Stroosseverkéier virkommen.

Den Tableau heidrënner renseignéiert d'Zuele vun de Protokoller, déi d'Police zwëschent 2019 an 2024 bei engem Accident wéinst "Trunkenheit am Steuer" geschriwwen huet. D'Zuelen aus de Joren 2007 bis 2018 sinn net méi verfügbar.

| Joer | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 |
|---|---|---|---|---|---|---|
| Protokoller | 2.240 | 1.577 | 1.798 | 2.248 | 2.271 | 2.108 |

**2. Kann d'Madamm Minister eng Tabell presentéieren déi regruppéiert, wéi vill Accidenter têschent 2000 an 2024 jeeweils duerch Alkohol um Steier verursaacht goufen, wéi vill Leit doduerch blesséiert goufen, respektiv hiert Liewe gelooss hunn a preziséieren, ob de Responsabele jeeweils e Promillwäert vun 0,1 – 0,8 oder vun 0,8 an doriwwer opgewisen hat?**

**Accidenter - Alkohol um Steier**

| Joer | Déidlech Accidenter | Schwéier Accidenter |
|---|---|---|
| 2000 | 9 | 79 |
| 2001 | 4 | 66 |
| 2002 | 7 | 88 |
| 2003 | 7 | 65 |
| 2004 | 6 | 51 |
| 2005 | 3 | 60 |
| 2006 | 9 | 52 |
| 2007 | 5 | 56 |
| 2008 | 4 | 50 |
| 2009 | 5 | 45 |
| 2010 | 10 | 34 |
| 2011 | 12 | 52 |
| 2012 | 9 | 70 |
| 2013 | 8 | 63 |
| 2014 | 6 | 41 |
| 2015 | 9 | 48 |
| 2016 | 5 | 36 |
| 2017 | 4 | 43 |
| 2018 | 3 | 31 |
| 2019 | 9 | 34 |
| 2020 | 2 | 32 |
| 2021 | 7 | 40 |
| 2022 | 15 | 36 |
| 2023 | 4 | 39 |
| 2024 | 3 | 34 |

Déi nächst Tabell weist fir d'Period vun 2013 bis 2024:

- wéi vill Accidenter ënner Alkoholafloss erfaasst goufen (Otem- oder Bluttanalys net negativ),
- wéi vill Leit blesséiert goufen (schwéier + liicht zesummen),
- wéi vill Doudesaffer et gouf,
- a dovun de Promillberäich (am Blutt) 0,1–0,8 ‰ respektiv ≥ 0,8 ‰.

| Joer | Accidenter mat Alkohol | | | Blesséierter | | | Doudesaffer | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| | Alkohol positiv Total | dovun: 0,1–0,8 ‰ | dovun: ≥0,8 ‰ | Total | dovun: 0,1–0,8 ‰ | dovun: ≥0,8 ‰ | Total | dovun: 0,1–0,8 ‰ | dovun: ≥0,8 ‰ |
| **2013** | **243** | 18 | 134 | **340** | 29 | 185 | **12** | 1 | 9 |
| **2014** | **198** | 14 | 81 | **264** | 17 | 111 | **8** | 2 | 5 |
| **2015** | **226** | 18 | 103 | **302** | 22 | 139 | **13** | 4 | 9 |
| **2016** | **215** | 16 | 86 | **277** | 30 | 111 | **7** | 3 | 3 |
| **2017** | **194** | 13 | 83 | **272** | 24 | 119 | **6** | 1 | 4 |
| **2018** | **194** | 6 | 61 | **241** | 6 | 80 | **3** | 1 | 2 |
| **2019** | **175** | 17 | 84 | **237** | 22 | 101 | **9** | 0 | 9 |
| **2020** | **173** | 6 | 71 | **219** | 6 | 90 | **4** | 1 | 2 |
| **2021** | **212** | 10 | 108 | **293** | 21 | 140 | **10** | 0 | 4 |
| **2022** | **255** | 16 | 92 | **322** | 33 | 109 | **17** | 2 | 13 |
| **2023** | **225** | 14 | 75 | **310** | 15 | 116 | **5** | 2 | 2 |
| **2024** | **209** | 13 | 99 | **278** | 16 | 136 | **4** | 0 | 3 |

D'Promillwäerter am Blutt ginn eréischt zënter 2013 systematesch statistesch erhuewen.

Den Total „Alkohol positiv" enthält och Fäll mat Otemtest ouni Bluttanalys oder ënner der gesetzlecher Limite (z. B. Otem positiv < 0,5 ‰, oder Blutt < 0,1 ‰). Dofir loosse sech déi eenzel Kolonnen net einfach zu engem Total zesummen addéieren.

Lëtzebuerg, den 29. August 2025
Den Inneminister
(s.) Léon GLODEN